N°2860
Entrée le 12.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 15.09.2025
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 12. September 2025

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechte weiderzeleeden.

D'Attraktivitéit an d'Zouverlässegkeet vum ëffentlechen Transport spillen eng zentral Roll fir d'Akzeptanz an d'Notzung vun dësem Service. D'Benotzer mussen sech doropper verloosse kënnen, dass de Bus, den Tram an den Zuch esou fueren, wéi et op der App "Mobiliteit.lu" annoncéiert ass.

Mengen Informatiounen no, kënnt et awer zu reegelméissegen Ausfäll, déi net ëmmer adäquat kommunizéiert ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

1. Wéi vill Ausfäll vu Bussen, Zich an Tramen sinn an de leschte 5 Joer, no Mount opgeschlësselt, registréiert ginn?
2. Wat sinn déi Haaptursaache fir dës Ausfäll?
3. Wéi eng Strecken oder Linnen – no Transportmëttel differenzéiert – sinn am heefegste betraff?
4. Wéi ginn d'Usagere am Fall vun engem Ausfall informéiert, wann dës net iwwer d'App „Mobiliteit.lu“ oder aner digital Mëttel verfügen?
5. Wann de leschte Bus owes ausfält, wéi vill Zäit am Viraus gëtt dësen Ausfall ugekënnegt?
6. Wéi eng konkret Alternativen huet den Usager an esou engem Fall?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu